

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Konsumenteschutzministesch weiderzeleeden:

„Um Ufank vun der Pandemie goufen et kaum Masken ze kafen. Lues a lues hunn Apdikten a Geschäfte der dunn offeréiert, zousätzlech zur Offer vun der ëffentlecher Hand. Déi eng hu Masken am Pak verkaaft, déi aner eenzel. Datt et fir de Konsument problematesch war fir d'Präisser an d'Qualitéit ze vergläichen läit op der Hand.

An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister an der Madamm Konsumenteschutzministesch folgend Froe stellen:

- *Wat fir Typpe vu Masken sinn hei zu Lëtzebuerg um fréie Maart zanter Juni 2020 verkaaft ginn?*
- *Goufen dës Masken alleguer enger Kontroll ënnerworf, iert se an den Handel konnte kommen?*
- *Wéi vill Masken goufen generell am Kader vu staatleche Kontrolle fonnt, déi net konform mat de nationalen, respektiv den europäesche Standarden fir Sécherheet, Gesondheet an Ëmweltschutz waren? Wat gouf an deem Fall mat dëse Masken gemaach?*
- *Huet den Här Minister an huet d'Madamm Ministesch Informatiounen iwwer d'Präisser, déi an Apdikten a soss am Commerce fir dës Maske gefrot goufen?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Si Stéchprouwe gemaach ginn fir de Präis vun Eenzelmasken ze kontrolléieren an ze suivéieren?*
- *Huet den Här Minister Informatiounen iwwer d'Gewënnmargen an deem Kontext? Wa jo, gouf et Fäll wou noweislech iwwerdriwwe Präisser gefrot goufen? "*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten